

Fir 'nei' an 'al' Deputéiert

vum Lex Roth



Wat eis Sprooch an der Chamber ugeet, do hu mir nach ni e 'faarwegen' Ënnerscheid tëscht Parteiemaach. D'Lëtzebuergesch ass jidderengem säint... also kengem säint extra; et soll/kann och keng Partei oder Gruppéierung et fir sech an d'Täsch stiechen oder op e Fändel pechen. Dat ass bëllege Populismus.

Wa gewësse Leit an der Chamber heiansdo eis Sprooch schwätze wéi dee bekannten 'Tréier Vizmates', dann nenne mir dat mat sengem richtegen Numm: Noléissegheet! Fir sech elegant aus deem Virwurf erauszeschleifen, hunn der en etlech keen anert Mëttel, wéi mam Lëtzebuergesch de Geck ze maachen, op d'Manéier vum franséische Sproch: *Il n'y a que le ridicule qui tue!*

Et freet sech just, wien do esou lächerlech ass. Op jidder Fall hunn déi Leit keen Donst vum der Chamber-Sproochsituatioun an der Zäit vum C.M. Spoo, deen sech vum 1896 u joerelaang fir d'Lëtzebuergesch an der Chamber mat Läif a Séil agesat huet... schon eleng, fir datt do och déi kënnte matschwätzen, déi manner Schoul-Chancen am Liewen haten, vrun allem Aarbechter a sougenannt 'kleng Leit'... do missten dach wéinstens all déi mat op de Wee goen, déi sech de Begrëff vu 'sozial' op hire Fändel geschriwwen hunn.

Hei dann e klengt Gedicht, dat an deem Sënn vläicht méi ewéi ee schmunzen... oder nodenken doe kann.

Moië Misch!

Den Dicks hat well dem Lentz geschriwwen:
«Kuck, wous De stees a wiens De bass»,
an dunn him ënnert d'Nues geriwwen,
«den Zolverknapp ass kee Parnass!»

Haut giff hien déi vläicht och net meeschter,
déi d'Sprooch um Mikro futti ha'n,
wéi d'Koseng-Ficelle-Chamber-Geeschter,
déi um Krautmaat de Mippche ma'n.

Eng schwätzen, 't gëtt iech dach bal ellen;
hir Ried ass méi wéi hallef däitsch;
wann déi eis Sprooch dann do verbellen,
da gëtt zum Beispill 'Peitsche' «Päitsch».

Si dinn hir Ried gär kënschtlech schaimen;
si maachen äis domat de Baart;
op wësch Gedanken, déi schlecht reimen,
sëtz Sprooch, datt ee sech futti laacht!

Fir sech aus all deem rauszeschwätzen,
gëtt d'Lëtzebuergesch domm gemaach;
dat geet net duer, fir sech ze bretzen:
seng Quell ass propper! Wéi ass d'Baach?

't ass wéi mam Mupp, dee kee ka leiden;
deen ass jo raudeg an näischt wert!
Dat ass 'dolaanscht' wéi wëlle reiden
op engem hëlze Kutschepäerd!

Kulturell klasséiert?

Dir wësst, datt historiesch Gebaier an 'Arealen', déi e 'kulturelle Wert' hunn, zënter Joer an Dag vum enger Spezial-Commissioun, ënnert der Kompetenz vum Kulturministère 'klasséiert ginn' (z. B. ganz al an typesch Haiser a Stied an Dierfer; 'réimesch Landschaften' wéi déi bei Duelem; e wonnerbare Parc, wéi deen, wou mir de Reenert zu Wolz dra gesat hunn). Déi Gebaier oder Landstécker kommen op en 'Inventaire', **eng Lëscht, déi d'Administratioun vu 'Sites et Monuments nationaux' iwwerwaacht.** Si mussen erhale bleiwen; et dierf näischt dru geännert ginn, ouni datt déi Commissioun an dee Service fir Erlaabnes, Berodung a Mataarbecht gefrot ginn. Domat ass jidder verstännege Mënsch averstan. Oder?

Natierlech gëtt et och Härgottskanner (Kulturflappesse genannt), fir déi alles, wat laang steet, nun emol... **ale Buttek** ass. Dat sinn déi Leit, déi d'Wuert / de Begrëff 'Kultur' net an hirem Dictionnaire hunn. Loosst se (vläicht als Strof) liewen.

Firwat dann elo dat Gespréich? Mä **ass eis Sprooch da kee Monument?** Zwar eent, dat een net wéi Gemaier oder Landschaften op enger Lëscht fir 'Sites et monuments nationaux' fënn, vum deem een Zeechnunge, Pläng a Photoë ka maachen, mä e 'Monument national' dat an sengem Fëllement, senge Wuerzelen, senger Geschicht a senger klorer Identitéitsfonctioun versuergt muss ginn! Ok: Eng Sprooch ass eppes Lieweges; **eng Sprooch 'evoluéiert'... ower ni esou, datt een se net méi erëmkennt...** an déi Entwécklung dann als hannerlëschtet Argument vrun e Vizmates-Lëtzebuergesch stellt.

Alles Lëtzebuergesch, oder wat?

Jo, dir huet eng lussege Mëllechprodukt-Reklamme remerkant... mä sot, déi wier schlecht. Gitt emol op Würzburg, Hannover, Tübingen oder soss méi eran an Däitschland, an da schwätzt dir Sätz wéi déi hei:

dee Männi do huet seng Box hannevir un – hien ass getrollt an huet sech eng fatzeg ginn – du bass mir ower e Schéinen – géff dech, soss kriss d'eng an d'Akaul – déi fueren esou séier, datt een se net erëmkrutt – ech hu mech verfuusst, an déi aner sech och verstoppt – da maacht emol zerguttst virun – dat Gebirels a Gejälz mécht ee geckeg – ech war amgang, eng flappeg Gebeesseschmier ze maufelen – de Puppelchen hat alt erëm an d'Box gestrutzt – do si mir äis es net zoukomm – den Armstrong wënn den Tour... da meng alt!

An der Vakanz begéine mir jo dacks däitschsproocheg Leit, déi Froen iwwer eis Sproochsituatioun stellen. Heinsdo hätten si och nawell gär, wa mir hinnen e puer Sätz op Lëtzebuergesch giffe soen... da schneit iech déi hei alt emol raus, fir EISES prett ze hunn!

Ceterum censeo... (32)

Iwregens sinn ech der Meenung, datt...

Dir wësst, datt d'Chamber wëlles ass, eng ganz Schwadrull Artikelen a Bestëmmungen an eisem Grondgesetz ze 'revidéieren'. Dat ass, ee Gléck, och d'Geleeënheet, eiser Sprooch eng 'explizit' Plaz an der Constitutioun ze ginn... wat dann elo de Fall ass: an zwar schreift déi Commissioun am Commentaire iwwer den neien Artikel 41 (Kapitel 2; Sektoun 4 'solidarité et citoyenneté'): **...Soucieuse des demandes récurrentes pour faire inscrire dans la loi fondamentale la langue luxembourgeoise, la Commission s'est mise d'accord, dans une large majorité, sur un texte qui reprend le régime des langues de la loi de 1984.**

Fir d'éischt emol en décke Bravo mat engem héifleche Merci! Dann ower d'Fro, firwat dee Sproochenartikel esou verschimmt 'an der Wull' verstoppt gëtt; d'Fransousen hunn hir Sprooch am Artikel 2 vum Grondgesetz stoen! A wann sech schon **op d'Sproochegesetz vun 1984 beruff** gëtt... da misst, just nom Artikel 1 vum deem Gesetz! ower och klor an d'Constitutioun, datt **d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vum Grand-Duché** ass... wann een och nach, nom Nationalitéitsgesetz! muss **Lëtzebuergesch kënne fir Lëtzebuergesch ze ginn**, da kann dat dach nëmmen dovun ofgeleet sinn, datt eis Sprooch d'Nationalsprooch ass. Wéi ass et mat der Logik?! Merci ower, datt déi 'demandes récurrentes' uerkannt gi sinn... leider ass den Term 'récurrent' zimlech 'abrasif'... also réffeg ;-).

Nëmmen Geknadders? Aarmutt!

Stellt iech emol vir, en TF1-Reporter erlaabt sech am Frankräich um 'Quatorze Juillet', säi Reportage beim 'Arc de Triomphe' mat dese Wieder ofzeschleissen: *Vive eis Helden! Vive d'Franséisch Republik!... a vive heem!* Deen hätt de Mikro vläicht fir d'lescht am Grapp gehat! **Vive de Grand-Duc – Vive eis Grand-Duchesse – a Vive heem!** huet et hei den 23. Juni geheescht. Dat ass zwar en domme (gudde?) Witz, dee bei e Patt gehéiert, mä dat dierf engem TV-Mann an deem Sënn op eisem Nationalfeierdag einfach net passéieren; dat ass guer net 'witzischschsch', dat ass pubertär blöd an einfach net ze entschëllegen! Wat hält eis Staatsautoritéit iwregens dovun?!

Den Här Raymond Lugen vu Steesel hat déi Saach mat Intressen gekuckt... ower och gelauschtert. Dobäi sinn dann am selwechte Reportage nach esou schrecklech authentesch 'lëtzebuergesch' Ausdréck gefall, datt hien se notéiert an äis erageschéckt huet: *am Nachhinein, anschlëssend, insofern, gemeinsam, andauernd, asw...* abeejo! Ass dat dann näischt? Neen, et ass näischt! Et ass sproochlechen Aarmutt. Mat deem een net och nach op eng Antenn muss gockelegen. Wat soll een do maachen? Mir dierfe mëfferen; soen dierf ee jo näischt, soss kritt een direkt duergebass, et giff een deem 'Journalist (?)' un de Broutkuerf goen... muss an deem Broutkuerf dann onbedéngt eng Kamera stoen oder e Mikro leien?

Folgenderweis, mindestens, innerhalb...

Wann een iech tuteweis mat esou Ausdréck kënnt, da misst dir bal all Kéier sécher sinn, datt hien op Stelze geet a Guirlanden ophänke wëllt. Op jidder Fall dierf een sech froen, wéi éierlech dat Gespréich ass. **Folgenderweis misst dat Gesuch mindestens innerhalb vu fënnf Wochen agereecht ginn...** mat Lëtzebuergesch huet dat rosewéineg op sech; do wier et an engem normale Gespréich/Geschreifs ongeféier: **'déi Demande misst also/deemno op d'mannst bannent fënnf Woche erageschéckt ginn'.**

An Däitschland hu mir dee Gockel-Sproochphenomän och; do geet da vu *Verwaltungssprache/Kanzleideutsch* rieds; wat net verhënnert, datt et op seng Fassong genee esou e Quatsch ass wéi dat gebeemtent Lëtzebuergesch hei uewendrun. Ass et fir sech wichteg ze maachen oder fir den 'Normalo' ze verschoteren? Lächerlech ganz bestëmmt!

Vakanz... och alt emol heiheim!



Eist Land huet vill méi ze bidden, wéi all déi mengen, et misst een dofir an e Boeing 737 klammen. Et muss een emol säin eegenen Auto net huelen. Mir hu mat der Eisebunn an eisem prima Bus-Netz formidabel Geleeënheete fir en Tour ze maachen.

Vergonnt iech emol z. B. **e fräien Dag zu Wolz.** Et fiert all Stonn en Zuch dohinner; firwat net ären Auto zu Dummeldeng, Walfer oder Lorentzweiler bei d'Gare stellen; dir brauch net emol ëmzeklappen... a sidd vum der Wëlzer Gare aus op 250 Meter beim herrleche RODANGE-REENERT-Parc. Zu Wolz erdiichtert an erhéngert iwregens och keen!

Viru 5 Joer hu mir do eng **Monumente-Grupp iwwer eisen nationale Fuuss** ageweit, déi an hirem Genre grad ewéi an der kënschtlerecher Qualitéit (vum Ad. Deville) **Europa-Klass** ass! Doriwuer besteet net nëmmen e komplett Buch, mä och e flotte 'Flyer' mat ganz villen Einzelheete, Photoën, engem Plang vu Wolz... esouguer a 4 Sproocher fir är auslännesch Frënn. Deen Ausfluch deet iech bestëmmt ni leed... ob privat oder, firwat net? als Veräin.

Dee Flyer kënnt dir iech natierlech um Wëlzer 'Syndicat d'initiative' bestellen. Eventuell och bei äis an der Actioun-Lëtzebuergesch. Hei brénge mir dann emol nach eng Kéier dat herrlecht Bild vum der RODANGE-Sail, d'Titelsäit vum 'dépliant'.